N°1692
Entrée le 20.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles, a vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Ufro n°1692 vum 19. Dezember 2024 vum éierbaren Deputéierte Marc Goergen**

1)

Laut Projektioune vun der Douanesverwaltung soll de Verkaf vun Dreifstoff (bläifräie Bensinn an Diesel) vun 1.840.000.000 Liter 2024 op 1.720.000.000 Liter 2028 zréckgoen.

2)

D'Decisioun fir eng Tankstell ze bauen, ass am Prinzip déi vun engem Privatinvestisseur. Dëse muss déi gesetzlech Oplage respektéieren an et ass him iwwerlooss ze decidéieren, ob e Projet a seng Dimensioune Sënn maachen.

Op Fläche mat enger Concessioun, wéi zum Beispill den Autobunnstankstellen, kann de Staat iwwert d'Ausschreiwung vun der Concessioun steierend agräifen. De Staat baut an exploitéiert déi Tankstellen awer net selwer. Et läit also an der Hand vum Investisseur ze decidéieren ob e bestëmmte Projet fir hie Sënn mécht oder net.

Luxembourg, le 20/01/2025

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles